

d'Pefferkäillen

Dem Koschter séng Taktik hat geklappt! Säi Pefferkär iwer d'postaesch Verdeelung vum "forum" huet e ganzen Reen vun héiflechen Entschéllegungsbréiwer mat sech bruecht. Dat wär nüt néideg gewiescht. De Koschter bedauert, dass och Beamte sech getraff gefillt hun, bei deenen ét nach émmer geklappt huet. Ze hoffen as, dass d'"forum"-Abonnenten duerch prompt Reklaméieren héllefen, di schwarz Schof an der Post erauszesénneren, well och d'lescht Kéier (Nr. 75-76) huet et nach laang nüt iwerall geklappt wi verschidden Abonnenten ons gemellt hun. De Koschter as iwgrens nüt deen eenzegen, deen séng Lieser oprifft, him a sénge Schwiregkeete mat der Postverdeelung ze héllefen. Och de "Journal" hat en ähnlechen Appell a senger Zeitung. D'Verwonnerung vu bestëmmte Postbeamten iwert dem Koschter säi Pefferkär dierft also wuel e bësschen Theater gewiescht sin.

M.C.

*

Dass et an der Kierch zwou Zorte vu Mënsche gët, weess de Koschter scho laang, mä op ét wierklich vu Gott gewollt as, dass (z.B.) eleng Männer däerfe Geeschtlech gin a Frae nüt, schéngt eleng de Poopst mat Sécherheet wëllen ze wëssen. Dass ét an der Kierch awer och zwou Zorte vu Märtyrer gët, wousst de Koschter nach nüt: an dach huet den Här Bëschof de 15.12.84 eng Mass fir den zu Dout gefolterte Paschtouer Popieluszko aus Pole gefeiert, mä wu de Koschter hien vi ru bal 5 Joer invitier hat, en Déngscht fir de Bëschof Romero ze feieren, as en ausgewach. Fir eng bestëmmte Press sin déi duebel Gewiichter "normal", fir den Här Bëschof hoffentlech némmen e Lapsus.

Christ

*

Am LW as ee jo muenche reaktionären Artikel gewinnt. Mä dass d'EP-Deputéiert, d'Madame Marcelle Lentz-Cornette (CSV), däerf higoen an an engem Lieserbréif (15.12.84) behaapten, den Ernesto an de Fernando Cardenal géife grad wi di aner Revolutionär zu enger politischer Famill gehéieren, "die sich heute den gleichen Luxus hinter hohen Mauern leistet wie einst die Somozas und die zu ihnen gehörende Clique" an 12 Familjen géifen haut Nicaragua dominéieren "und nutzen die Vetternwirtschaft zusammen mit einigen Kommandanten der Neuner-Gruppe voll aus", verschléit engem dach den Otem. Wou bleift hei d'Zensur vun der Redaktioun? Leider kann de Koschter séng Roserei wéinst sou enger ongeheierlecher Ligen an Diffamatioun némmen hei un séng Lieser weider gin, well dass de Procureur se wéinst Beleidigung vun engem frieme Staatschef géif usichen as hoffnungslos, well énnert dem Mantel vun der parlementarescher Immunitéit menge jo verschidde Leit, hinne wär alles erlaabt. A wee weess, ob am Fall vun engem Prozess der Deputéiert fir Popularitéit nüt nach géif klammen, wi d'Beispill vun hirer Kollegin vu Schéffleng weist. m.p.

*

De 17.12.84 iergert sech den 1z an engem LW-Leitartikel, dass némmen 30 Leit op en Afghanistan-Meeting koum waren. Sécher as dat ze bedauert, mä sin d'Organisateure nüt selwer schuld, wann se dat kuerz vru Chrëschtdag op engem Samschdegnomötteg man. Aus berufleche Grënn wor leider och de Koschter verhennert. En hat awer en Interview ugefrot mam Professor François Rigaux, deen als President vun Internationale Völkergericht nüt némmen d'UdSSR am Afghanistan mä och schon d'USA wéinst Nicaragua oder d'BRD wéinst de Berufsverboter veruurteelt huet. Leider huet de Comité Afghanistan ét nüt fir néideg fonnt, fir dem Koschter op séng Demande z'entwerten. 'T gesäßt ganz esou aus, wi wann e frou wär, sech émmer neess kennen eleng als Afghanistan-Kämpfer dohinzestellen, an all di aner als feig Kommunistenfrënn ofzestempelen. Deen Trick huet d'LW jo schon di aner Joer bei ähnlechen Afghanistan-Demonstratiounen gebraucht. christ

*

Dass den "Office du Film Scolaire" zu Walfer nüt zum beschte funktionéiert as am Proffemilieu gewosst. Diassérien iwer Létzebuergesche Geschicht gin ét z.B. nach émmer keng, obschons an Té-schenzäit nom Koschter och di betraffe Programmkommissioun interveniéiert as. Dass awer den OFS ganz soll ofgeschaf fin, wär nüt wünschenswert. An dach schéngt een dat müssen ze fäerte, well am Erzéitungminister F. Boden séngem Exposé zu de Budgetdiskussiounen gët den OFS mat kengem Wuert méi ernimmt, wi wann ét e nüt géif gin. Op mannst hätt de Minister können ervirsträichen dass se sech well zu Walfer vill méi systematesch Méi gin, fir di ausgeléinte Filmer an Diaën erëmzékréien. Dat as schon eng Leeschtung, och wa nach émmer keng Reservatiounen ugeholl gin.

m.p.

*

Deemnächst, esou huet de Grand-Duc bei séngem Besuch a Kalifornien matgedeelt, soll e létzebuergesche Kontakt-Büro a Silicon-Valley opgemat gin. An anere Wieder: Létzebuerg kritt eng Ambassade am Computerland, an deemnächst vill Informatiksfirmen op Létzebuerg. Eng nei qualifizéiert Aarbeitsplatz gët ét duerch schon: de fréiere Staatssekretär Helmlinger gët Direkter vu Computerland-Europa. An da soll nach ee soe séng Prospectiounsreesen duerch Amerika hätten näischtr bruecht! A ganz bestëmmt komme nach aner Aarbeitsplätze no: bei der FANUC zu Iechternach, wou Roboter-Computere gebaut gin, gouf jo och nüt némmen eng, mä 5 Plaze geschaf... ff

d' Paffernmillen

On nous rabat les oreilles avec le terme de "l'intégration" des immigrés. La plupart des groupements et associations luxembourgeois sont prêts à accueillir des non-Luxembourgeois en leur sein, à condition qu'ils ... s'intègrent. Généralement on attend que ces étrangers s'assimilent et ils ne sont considérés comme partenaires égaux que s'ils parlent le luxembourgeois. Parmi les collectivités qui font un effort et un pas vers la collaboration il faut entre autres relever le syndicat OGB-L. A l'occasion de son congrès tous les documents étaient disponibles en allemand et en français et une traduction simultanée a permis à tous de suivre et de participer aux débats. Un exemple à suivre! Que d'autres donnent aussi un contenu à leur slogan "d'intégration".

Serge

*

An der Chamber as deslescht iwert eng europäesch Conventioun diskutiert gin, déi d'Doudesstrof veruerteelt. Dobäi sin e puer Sätz gesot gin, déi ét derwäert sin, hei zitéiert ze gin:

"Ech schléissen mech domatt voll a ganz dem Raisonnement vu ménagem Papp un an ech erlabe mer et hei ze zitéieren ..." - esou onse jéngsten Députéierten Michel Wolter, dee genau wéi säi Papp, zwar am Prinzip géint d'Doudesstrof as, am Détail iewer nüt émmer eppes dergéint anzuwenden huet. Well de Pappa Wolter zu vill Themen am Laf vun sénger Carrière geschwat huet, däerfe mer nach op vill Riede vum Fissi gespaant sin. Gudd, datt ons Jugend nach aner, méi al Vertriebler an der Chamber huet.

"Ech mengen eent, deen Terrorist, dee secher nüt méi schued, dat as en doudegen Terrorist" - seet de Georges Margue an hien zitéiert domat säi geeschtege Papp, de Generol Custer, dee geomengt huet, datt jhust en doudegen Indianer e gudden Indianer wär. D'Viviane Reding séngersäits as der Meenung, "dass eng Gesellschaft sech nüt däerf selwer d'Méiglechkeete huelen, fir géint Elementer virzegoen, déi versichen déi Gesellschaft an hir Bierger ze zerstéieren an déi dofir nüt viru Muerd zeréckschrecken." Wien hatt zitéiert, weess de Koschter nüt, mä wann hien héiert datt Menschen als "Elementer" bezeechent gin, dann huet hie ganz béis Associatiounen.

De René Mart zitéiert de "Républicain Lorrain", eng Referenz wéi eng aner. Hie liest e schreckliche Fait Divers fir a kënnt dobäi zur Conclusioun: "Et gët Fäll, wou ee nüt némme jhust philosophesch däerf kucken." Mir hun all verstanen, datt hie fir d'Doudesstrof as, a mir wéssen elo och, dank dem Här Mart, wat de Géigendeel vun der Philosophie as ... d'Guillotine.

De Robert Krieps as géint Doudesstrof an zum Schluss vum Débat kënnt e matt engem wirklech émwerfenden Argument, dat kënnt direkt en Zitat aus der Lëtzebuerger Volléksséil sin: "Wéi sténge mer dobaussen...? Dofir géif ech Iech wierklech bidden, am Hibleck op d'Usehen vun eisem Land op der internationaler Szen ...". Gudd datt dobaussen op der internationaler Szen d'Chamberbliedchen nüt vill gelies gët. Séngle Lieser, di d'Satir gär hun, kann de Koschter et awer némme recommandéieren.

*

Scho 1982 hat de Koschter vun engem Brauereibesätzer sénger Verschampléierungspolitik am Stadgronn erzielt (vgl. "forum" Nr.53/1982), dee gär d'Steng renovéiert mä di heiteg Awunner aus dem Gronn verdreift, fir deier Luxusappartementer kënnen ze verlounen.

Deeselwechten huet viru kuerzem och en exklusiver Club do opgemaacht, dee sech bretzt, deen eenzege Club fir Geschäftsmänner (!) zu Lëtzebuerg ze sin. Ee vun den auslännesch Ambassadeuren, deen och di zweiselhaft Eier hat, fir dohin invitéiert zu gin, huet herno ganz verwonnert séng lëtzebuergesch Frénn gefrot, wat d'Lëtzebuerger da géint d'Portugisen hätten, si bräichtsen se dach onbedéngt fir hir Wirtschaft. No allem wat en am "Club Münster" opgedësch krit hat, wor e ganz iwerrascht ze héieren, dass dat kengesweegs d'Menung vum Duerch-schnëttslëtzebuerger wär, mä jhust vun engem ganz selekte Clibchen. Den Ambassadeur huet decidéiert op d'Freede vum Club ze verzichten.



Et dierft jo och keen Zoufall sin, dass jhust "Interactions Faubourg" an de "Comité International pour le Sauvetage du Grund", di sech fir eng sozialgerecht Restauratiounspolitik am Gronn asetzen, als eenzeg grénnesch Veräiner nüt op d'Ouverture vum Club invitéiert goufen.

m.p.


*

Dem RTL-Reporter no worn zwar allen 8 Diskussiounsriedner ouni Bedenke fir de Projet, deen d'Funktioune vum "professeur de sciences économiques et sociales" géannert huet. Tatsaach as, dass aacht, an dobäi suguer véier Majoritésdéputéiert vun der LSAP (!) géint dat Gesetz gestëmmt (a geschwat) hun. Mam Projet soll verhënnert gin, dass e Kriminolog kann Economiesprof gin, well an der Belsch d'Kriminologie zu de "sciences sociales" gehéiert. Dee Fall gouf ét, an de Koschter versteet duerhaus dat Uleies. Mä dem Unterrichtsminister säin Text geet vill méi wäit a verbidd och, dass Soziologen a Politologe kënnnte Professer gin. Esou kritesch Wéssenschaften si nüt méi erwënscht. Jhust reng Economisten, di de Schüler d'Fonctionéiere vun onsem profitorientéierte Wirtschaftssystem erklären, ouni se op sozial a politesch Problemer opmierksam ze man, solle nach däerfe Schoul halen. Wi de Koschter 1971 wollt op d'Uni goe fir Geschicht a politesch Wéssenschaft ze studéieren - an Däitschland eng ganz sénnvoll Kombinatioun, well dat zweet praktesch d'Verlängerung bis haut vum éischten as -, krut en dat vum lëtzbg. Minister nüt erlapt: Geschicht as onsem Gesetz no e Fach vu "lettres et sciences humaines", Poli-

tologie wor äwer eng "science sociale". Di zwee duerft ee nüt kombinéieren (obschon e Student a Frankräich souwisou héchstens ee Fach um Diplom stoen huet). Eng "approche interdisciplinaire" as zu Lëtzebuerg verbueden. Haut gouf also d'Politologie ganz ofgeschaf. Schon deemols hat de Minister aver näisch dergéint, dass de Koschter an Däitschland Franséisch studéiert huet. Dat wor méi sénnvoll ...!? De Koschter huet dun Politologie a sénger Fraizäit studéiert. Wann en haut an de Programmkommissiouunssätzungen, z.B. vu "Connaissance du Monde Contemporain", gesait, wéi vu bestëmpter Säit probéiert gët aus deer neie Fach en "onpolitescht", lies konser-vativ-politescht, onkritescht Fach ze man, da versteet de Koschter ganz gudd, wat dat neit Gesetz, mat deem nüt vill Ophiewes gemaach gouf an iwert dat d'Proffekonferenzen eemol méi nüt ëm hir Meenung gefrot gi sin, eigentlech soll!

m.p.

KOMM NU MAACH
KENG BAKEN! DAT WAR
ËMMER SOU...



Sans trop vouloir insister sur ses propres mérites la rédaction de "forum" est néanmoins fière d'avoir contribué à lancer l'actuel débat politique sur la pauvreté au Luxembourg. Le thème occupe aujourd'hui la conscience de nos politiciens jusque dans la déclaration gouvernementale du 23 juillet 1984 et dans le discours inaugural du Président de la Chambre des Députés du 9 novembre 1984. Et fin novembre 1984 fut enfin ouvert un asyle pour clochards dont on nous parlait déjà en 1982.

En publiant en été 1982 deux dossiers de suite sur les "pauvres parmi nous" ("forum" No. 56 (29/5/82) et 57 (3/7/82)) "forum" a fait connaître à un public plus large les analyses percutantes que le "groupe d'étude pour les problèmes de la pauvreté" (a.s.b.l.) avait entreprises sur initiative de la Commission Européenne de Bruxelles et sous la direction du professeur Gaston Schaber. Les deux numéros de "forum" étant épuisés depuis longtemps à cause d'une très forte demande surtout de la part d'étudiants, la rédaction a cru bon de les faire rééditer sous forme de cahier spécial qui pourra toujours rendre service dans les discussions actuelles, car malheureusement les données du dossier n'ont rien perdu de leur pertinence.

Signalons à nos lecteurs que ce numéro hors série ne fait pas partie de l'abonnement et n'est pas non plus en vente dans les magasins. Il doit être directement commandé à "forum", 13, rue Schlewenhof, Leudelange (Tel. 378575 ou 369742) ou tout simplement par virement de 60F par exemplaire sur le CCP 61154-44 de "forum". Des rabais pour commandes de plus de 10 exemplaires sont possibles sur simple demande.